PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/09/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°2561 huet de Minister geäntwert, datt keng Méiglechkeet bestanen hätt, fir d'Piste um Findel wärend dem Confinement z'erneieren. De Minister erkläert och, datt um urspréngleche Planning festgehale géif ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gouf de Ministère, d'Stroossebauverwaltung oder Luxairport wärend dem "Shutdown" approchéiert fir d'Pistenerneierung méi séier ofzeschléissen?

2. Falls jo, wéi e Präisënnerscheed hätt dës Offer par Rapport zum viraussiichtleche Käschtepunkt vum Marché publique mat sech bruecht?

3. An der ëffentlecher Ausschreiwung fir d'Pistenerneierung gouf eng Gewiichtung vun nëmmen 40% op de Präis festgeluecht. Ass de Minister der Meenung, datt grad elo, an Zäite vu knappe Steierrecetten, ee Projet vu ronn 150 Milliounen Budget ee responsabelen Ëmgang mat Steiergelder duerstellt a wär et net besser déi bëllegsten Offer an deem Fall méi héich ze wäerten?

4. Firwat gouf d'ëffentlech Ausschreiwung duerch d'Société de l'Aéroport de Luxembourg S.A. an net duerch Stroossebauverwaltung duerchgefouert, obwuel d'Stroossebauverwaltung jo fir de Kont vum Staat fir "construction et entretien de certaines infrastructures de l'aéroport de Luxembourg" verantwortlech ass?

5. Firwat gouf d'Ausschreiwung (RFQ) net an enger vun de lëtzebuergeschen Amtssprooche verfaasst?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député